

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

D'Tréierer Autobunn (A1) stellt déi wichtegst Verbindung am Stroosseverkéier tëschent Däitschland a Lëtzebuerg duer. Aktuell gött de Verkéier op der Grenzbréck (Sauerdallbréck) op der Spuer Richtung Lëtzebuerg duerch Stroosseschied beanträchtegt an d'Vitess ass op 50 Stonnekilometer limitéiert. Betreffen Autoschaufferen, déi dës Streck reegelméisseg benotzen, schwätzen awer dovun, datt d'Bauaarbechte fir déi entspreichend Schied ze behiewen offenbar nach guer net ugefaangen hätten.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, vu wéini bis wéini déi beschriwwe Beanträchtegunge op der Sauerdallbréck viraussichtlech wäerten daueren?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Gefierer duerchschnëttlech pro Dag vun dëse Beanträchtegunge betraff sinn, opgeschlüsselt no Autoen, Camionen a grenziwwerschreidende Buslinnen?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ëm wéi eng Zort vu Schied et sech handelt, déi zu deene beschriwwene Moosname gefouert hunn?
- 4) Kann den Här Minister déi Aussoe bestätegen, datt d'Bauaarbechten nach net ugefaangen hunn? Falls jo, kann den Här Minister preziséieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass a wéini se viraussichtlech solle lass goen?
- 5) D'Chauffere ginn um betraffene Streckenabschnitt duerch reegelméisseg Radarskontrollen, déi och op den elektronischen Unzeigetafelen annoncéiert ginn, zum Respekt vun der Vitesslimit ugehalen. Trotzdeem gouf ganz um Enn vum betraffenen Abschnitt eng héich Buedemwell installéiert, déi dozou zwéngt, nach eng Kéier wäit ënnert déi virgeschriwwe 50 Stonnekilometer ofzebremse, fir direkt hannendrun op Autobunnsvitess ze beschleunegen, wat zu engem immens ineffikassen Energieverbrauch féiert. Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Installatioun vun dëser Buedemwell motivéiert war a wéi sech déi beschriwwe Konsequenze mat där vun der Regierung propagéierter Klimapolitik verdroen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten